

# Dräi Methoden, ee Quartier vum Schreifdësch aus ze verstoen

Text Samuel Hamen  
Illustratioun Pit Weyer

Siefe mir éierlech: Ech hu keng Anung vum Centser Quartier, weder vu senger Stroossenimm nach vu sengen historiesche Gebaier, an deene sécherlech iergendwann emol iergendeppes Dichteges, Wichtiges oder Richteges geschitt ass. A vläicht besteet de Problem och guer net doranner, keng Anung ze hunn, mee doranner, sou ze maachen, wéi wann een Anung hätt, fir da mat all Wuert ze beweisen, wat fir eng rhetoresch Méck een ass. Tiens, géifen d'Centser, d'Centsianer oder wéi se och heeschen, soen, deen Eefalt aus Dikrech huet awer Culot. Esou een Nordlicht wëll eis verzielen, wat hei leeft.



Asi hu jo Recht. Ma leider hunn ech d'Soen. A mat deem Onglächgewicht musse mir elo nach e puer Zeile liewen. Tatsächlech ass den Cents fir mech wéi een ominéise Grouss-Monni, vun deem heiansdo geschwat gëtt, deen een awer ni besiche fiert, well deen Dabo no Mëttelsüdüperu ausgewandert ass. Mee ee Lien gëtt et awer: Ech hunn nämlech laang Handball gespilt, a wann ech net sou liddereg gewiescht wier, hätt ech kéinten an de Sportlycée um Cents goen.

Ma enges Daags sot den Trainer zu mir: Bei dir ass d'Barrière ënnen! Du muss se nees eropkierpen! Dofir datt ech deemools pickeleg a pubertär war, hunn ech him nawell schlagfäerdeg geäntwert: Den Zuch, dee laanschtfiert, huet ebe vill Waggonen. Dunn hu mir eis zimlech laang an zimlech schimmeg ugekuckt. Dat war et dunn ongeféier mat menger Handball-Carrière. Ech sinn ni am Sportlycée gelant, ech war weder an der National-equipe nach op enger Foto am Sportsdeel vum

Wort, op där ech dynamesch an der Luucht hänken, während et an der Bild-Ënnerschrëft heescht: „Hamen war eine wichtige Stütze im Spiel der Luxemburger, doch dann ging ihm die Puste aus.“

Mee ech lenke just vom Thema of, d'Centsuaner ginn ëmmer méi ongedëlleg. Aus der Nout eraus hunn ech mir dat heiten iwverluecht: Fir déi däreg Tâche, diesen Artikel ze schreiwen, hunn ech just meng Virstellungskraaft, meng Verzweiwlung an ee Laptop mat Wan. A wien null Anung huet, fänkt ebe bei null un. Dofir gëtt et elo dräi Methoden, den Centser Quartier ze verstoen, natierlech vum Schreifdësch aus, well – siehe oben – ech ze kamoud sinn, méi wéi mäin Domm op dëser Tastatur hei ze réieren.

I. Een Interview mat engem Insider, deen an den 90er an 00er Joer um Cents groussginn ass. (He wëll Pierre Masaretti genannt ginn an ass, wéi een un den Äntwerte gesäit, nawell ee Romantiker.)



### **Beschte Plaz, fir den éischten Joint ze dréien?**

Den Aussichtspunkt Clausen am Bësch, deen iwwer dem Tawioun läit.

### **Lescht Plaz, wou een nuets um hallwer véier nach ee Béier kritt?**

- a) An der Zäit krut een den allerleschte Béier no Ladenschluss beim Willy am *Alen Zeutzius*.
- b) Et kéint een och bei d'Scouten (RaRo) an d'Hexenhäuschen hannert dem Junker-Haus goen, mee do muss ee scho seng Connections hunn.

### **De schéinsten Ament, deen s Du am Quartier verbruecht hues?**

- a) An der Schoulpaus an den Zeitungsbuttek Kamelle kafan an dat neitste Stickerheft sammele goen, déi neitste Bravo mat deene spannenden Opklärungsseiten dran,
- b) all Joer d'Scoutskiermes an d'Buergbrennen.

### **Wann s Du Deng Kandheet a Jugend widderhuele kéints, wéi ee Stater Quartier géifs Du Dir eraussichen? A firwat?**

Nees um Cents, owes spéit, nom Tuer, de Bierg laanscht d'Rhum oder den Tawioun eropzetrëppelen, dat huet schonn eng gewësse Romantik!

### **Gëtt et ee Song, deen Deng Centser Zäit gutt resuméiert?**

Léiwere Härgotts Blieschen.

### **Wat géif besser am Quartier lafen, ee vegane Restaurant mam Numm CENTS pourcent délicieux oder ee Puff, dee mam Sproch „être à CENTS lieux de votre partenaire“ Reklamme mécht?**

De Quartier ass méttlerweil zimlech enbourgeoiséiert, wat en net ëmmer war, obwuel d'Spannwäit vun der Population vun de Millionären an hirer eponymer Cité bis bei den Aarbechter am Äppelwee

reecht. Dat heescht: Ee vegane Schicki-Restaurant mam Numm *CENTS pourcent délicieux* géif net onbedénge verluer wierken.

**Wat géif d'Leit am Quartier méi opreegen: ee Wandrad virun der Dier oder ee Radar op der Haaptstrooss?**

De Radar géing se definitiv méi stéieren, well fir d'Wandrad ass néierens méi Plaz.

**II. Ee luussege Bléck an d'Facebook-Grupp „Du bass nëmme vun Cents, wanns du ...“**

Déi Gruppe si jo viru véier, fënnef Joer en masse bei Facebook gegrennt ginn, fir all Duerf, Stad a Quartier. Et goufe Fotoe vu fréier gedeelt, et huet ee sech u seng gëlle Jugend erënnert. Ganz grondsätzlech huet ee sech dat schéint Deemools an den nostalgische Kapp masséiert wéi Sonnecrème op eng Haut, déi eigentlech scho laang verbrannt ass. Mee den Centser Grupp ass deelweis anescht. Do geet et nämlech manner ëm Nostalgie, ma ëm all Zort vu Suergen. Virun allem awer geet et ëm Hausdéieren.

Ech hu gescrollt a gezielt: Tëscht September 2017 a Februar 2019 sinn um Cents fënnfanzwanzeg Hënn a Kaze fortgelaf. Dat ass natierlech net witzeg, mee op eng gewësse Manéier opschlussräich – well ee matkritt, wéi Noperschaftshëllef am Joer 2019 funktionéiert: Eng Foto gëtt verëffentlecht, Detailer gi matgedeelt. Deen ee seet, et wier de Mieke aus der Dingsbums-Strooss, hie géif ëmmer duerch de Quartier fatzen. (Aus Respekt gi mir dem Mieke an deem ganze Véi natierlech aner Nimm.) Véier Minutten duerno äntwert eng Persoun, nee, nee, d'Flaatsch op der viischer rietser Patt wier anescht, dat misst d'Muussi aus der Dingdong-Cité sinn. Duerno gi Fotoe verglach, jo, Du hues Recht, vun der Form erënnert dee Fleck un een Apel, beim Mieke wier et eischer eng Spargel, an endlech hu mir d'Gewësheit, jo, et ass d'Muussi an d'Muussi ass och schonn nees doheem, uff. An dann: Flatsch, fënnef Deeg duerno ass d'Schmuussi oder de Schmocki fortgelaf an d'solidarescht Spill geet vu vir lass.

Ech hu kuerz iwweeluecht, dem Facebook-Grupp aus soziologeschem Interessi bäizetrieden. Mee eischerens hunn ech Angscht, als Outsider, dee keng Kaz huet, komesch bekuckt ze ginn, an zweetens hunn ech Kaze guer net gäer. Si kucken arrogant, lecke sech aristokratesch hir domm Patzen, plëmme butzeg Vigel – a lafen, schéngt es, déi ganzen Zäit fort.

**Samuel Hamen**

ist Literaturkritiker und Autor; er schreibt unter anderem für „D'Lëtzebuerger Land“, „ZEIT Online“ und „Deutschlandfunk“; im Herbst wird sein zweites Prosabuch bei „Éditions Binsfeld“ erscheinen.

**III. Mam Google-Maps-Won queesch duerch den digital verfügbare Quartier**

Et fänkt un op der Terrass vum Café Zeutzus, do sëtzen zwou Madamme virun engem eidlen Dësch. Hir Gesichter sinn zwar duerch ee Wësch-Effet onkenntlech gemaach, mee et gesäit ee ganz däitlech, datt si onzefridde sinn, nach kee Patt Rivaner zerwéiert kritt ze hunn. (Wéi Schampes-Trutsche gesi si jiddwerfalls net aus.) Do wéinst geet et direkt weider. Wat ee séier mierkt: Et geet net méi ouni se, ouni déi Neibau-Häiser mat hiren impeccabel wäisse Fassaden, mat hire stolgroe Fënsterrummen an de riiesege Fënstere, duerch déi ee lusch Saache gesäit, déi een ni méi vergiesse wäert. Et schéngt, wéi wann d'Architekten hir Projete landeswäit just nach mat genee siwen Duplo-Stécker plange géifen. Vill Ënnerscheeder kann et do net ginn.

Ma d'Centsurianer hunn eng gutt Hand fir Detailler. Op engem Fësterbriett an der Rue Dominique Lang stinn, wéi d'veluere Membere vun enger Patchwork-Famill, eng gliese Schossel an zwee Kachdëppen, ee blot an ee sëlwegt. E puer Meter weider hu se um Balkon vun enger Residenz ee knätschfaarwegt Kanner-Spillschlass aus Plastik opgebaut, dat déi ganz Fläch vum Balkon anhëlt – ee konterbont Mini-Haus als Refugium an der groer Rise-Residenz.

Am grouse Ganzen ass, dat mierken ech beim Duerchklicken, vun allem eppes dobäi. Digital duerch den Cents ze fueren ass bësse wéi duerch ee Buttek ze trëppelen, dee Cactus, Aldi an Delhaize zesummen opgemaach hunn. Et gëtt déi Bretz-Häiser mat zwee Tiermercher, dräi Parkingen a véier Mol kenger Anung, wat ee mam Fric ufänke soll. Da gëtt et déi sympathesch, dezent Häisercher, bei deenen ee sech direkt de Jupp oder den João virstellt, wéi se um Weekend d'Onkraut mam Kärcher aus de Foue vum Pawee erauskrazen. Ma wat hannert de Fassade geschitt, ginn ech mat dëser Method net gewuer – ausser bei engem Haus, bei deem ech aus Dezenz d'Strooss net nennen. Do gouf et dach tatsächlech een, deen d'Fëster operappt huet, sech erausgelehnt huet an ee Geste a Richtung vun der Kamera mécht. Et ass net ze entscheiden, ob de Männi am Marcel engem léif wénkt oder béis de Mëttelfanger weist. Mee no menger digitaler Recherche optéieren ech mol zouversichtlech fir déi eischer Variant.